Jumelage

tëschent der Gemeng Fluessweiler
an der Gemeng Reinsdorf

INVITATIOUN

3. Mee 2025

De Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Fluessweiler huet d'Éier, Iech e

Samschden, den 3. Mee 2025

op d'Feierlechkeeten am Kader vum Jumelage tëschent eiser Gemeng an der Gemeng Reinsdorf aus Sachsen, z'invitéieren.

Mat engem grousse Volleksfest zu Fluessweiler virun der Gemeng gëtt dëst aussergewéinlech Evenement gefeiert.

Gedrénks an Iessen: 1 Euro pro Consommatioun, den Erléis gëtt fir e gudden Zweck gespent.
Animatioun fir Grouss a Kleng: Sprangschlass, Facepainting & Tour mam Trakter.

version française
deutsche Version
english version

Programm vun de Feierlechkeeten

ab 12h00
Volleksfest mat Musek vun *Saxitude*

15h00
offiziell Feierlechkeeten

Interventioune vun de Buergermeeschtere
Paul Ruppert a Steffen Ludwig
&
dem Inneminister Léon Gloden

Musikaleschen Encadrement vun de
Fanfarë Gouschteng-Beyren a
Mosella Nidderdonwen, souwéi der
Chorale réunie Donwen-Fluessweiler

bis 18h00
Volleksfest mat Musek vun der
Moselle Valley Brass Band

Fluessweiler & Reinsdorf
- iwwer 10 Joer Frëndschaft -

De Jumelage tëschent Fluessweiler a Reinsdorf huet 2013 bei engem internationalen Dëschtennistournoi zu Lëtzebuerg säin Ufank geholl. Aus engem zoufällegen Treffen eraus huet sech e reegelméissegen Austausch entwéckelt, speziell tëschent de Pompjeeë vun deenen zwou Gemengen.

2014 hunn d'Pompjeeë vu Fluessweiler fir d'éischt Reinsdorf besicht an ee Joer méi spéit koumen déi Reinsdorfer Pompjeeë bei eis op eng Visitt. Säitdeem gouf d'Frëndschaft kontinuéierlech verdéift - duerch gemeinsam Treffen, der Bedeelegung vun de Jugend-Pompjeeën an dem Austausch tëscht de Gemengeréit.

D'Buergermeeschter a Gemengeréit vun den zwou Gemengen hunn iwwer d'Joren en enke Kontakt gehal an hu sech aktiv fir de Jumelage agesat. 2018 an 2023 huet de Buergermeeschter vu Reinsdorf de Gemengerot vu Fluessweiler op eng Visitt invitéiert, wärend Fluessweiler 2019 eng Delegatioun vu Reinsdorf empfaangen huet.

No iwwer engem Joerzéngt Frëndschaft gëtt de Jumelage den 3. Mee 2025 offiziell besigelt.

An Zäite vu politeschen Erausfuerderungen an Onsécherheet ass dës Verbindung e wichtegt Zeeche fir Zesummenhalt, Austausch a geliefter europäescher Zesummenaarbecht op kommunalem Niveau.

Navett

D'Gemeng organiséiert eng Navett déi duerch d'Uertschafte fiert:

Aller

Beyren, An der Fuert	11h35	12h35	13h35
Beyren, Op der Bréck	11h36	12h36	13h36
Gouschteng, Am Ennerduerf	11h39	12h39	13h39
Gouschteng, Festsall	11h41	12h41	13h41
Nidderdonwen, Bei der Kapell	11h50	12h50	13h50
Nidderdonwen, Op der Bréck	11h52	12h52	13h52
Uewerdonwen, Am Duerf	11h54	12h54	13h54
Fluessweiler, Beim Knuppeneck	12h00	13h00	14h00

Retour

Fluessweiler, Beim Knuppeneck	17h00	18h00
Uewerdonwen, Am Duerf	17h06	18h06
Nidderdonwen, Op der Bréck	17h08	18h08
Nidderdonwen, Bei der Kapell	17h10	18h10
Gouschteng, Festsall	17h19	18h19
Gouschteng, Am Ennerduerf	17h21	18h21
Beyren, Op der Bréck	17h24	18h24
Beyren, An der Fuert	17h25	18h25